EUROPA - "E SCHLECHTE WITZ"

Chaos Computer Club kritiséiert Datespäicherung

RTL | Update: 21.04.2023 15:36

© AFP

D'Konditiounen ënnert deenen de Staat perséinlech Date vun de Bierger späichere kann, wieren net kloer genuch delimitéiert.

De Chaos Computer Club spuert net mat Kritik un der Regierung hire Pläng fir Daten am Beräich vun der elektronescher Kommunikatioun ze späicheren. No engem Urteel vum europäesche Geriichtshaff 2014 am Kontext vun der sougenannter "Vorratsdatenspäicherung" hat d'Justizministesch Sam Tanson am Januar dëst Joer en neie Gesetzprojet virgeluecht. Ma och deen Text geet dem Chaos Computer Club nach ëmmer vill ze wäit. Mam geplangte Projet géife "weiderhi massiv Donnéeë vun de Bierger gesammelt" a 6 Méint laang gespäichert ginn. D'Konditiounen ënnert deenen de Staat perséinlech Date vun de Bierger späichere kann, wieren net kloer genuch delimitéiert. D'Regierung hätt sech wuel net am Detail mam europäeschen Urteel ausernee gesat, sou de Chaos Computer Club mä just de belschen Text kopéiert. Gehofft gëtt elo op en negativen Avis vum Staatsrot.

D'Tatsaach, datt zwar net de Contenu vu Gespréicher gespäichert soll ginn, mä just Metadaten, wéi zum Beispill d'Auerzäit vun engem Uruff oder de Gespréichspartner, wier näischt wat ee berouege kéint. Hei kéint een nämlech ganz séier Réckschlëss op den Inhalt schléissen. "Wann dir zum Beispill engem Affekot mat Spezialisatioun am Scheedungsrecht urufft, ass séier gekläert ëm wat et geet", schreift de Chaos Computer Club a senger Stellungnam um Internet. Donieft gëtt sech un de virgesinne Kontrollmechanisme gestéiert. Datt beispillsweis just all dräi Joer e Rapport fir d'Chamber virgesi wier an eng consultativ Kommissioun réischt zu engem spéideren Zäitpunkt zesummegesat gëtt, ass an den A vum Chaos Computer Club "alles e schlechte Witz".

Stellungnam vum Chaos Computer Club

AM MEESCHTE GELIES

1 RTL-Faktencheck
Kann een um Vëlo de Füररschäi verléieren?

2 LIVETICKER
Ukrain-Krich - déi aktuell Entwécklungen

3 Invité vun der Redaktioun (21. Abrëll) - Martine Hansen, CSV-Co-Fraktiounscheffin
No de Wale muss mat der stäerkster Fraktiounn geschwat ginn

4 Passt op Âr Vitess op
E Freideg ass nees "Speedmarathon"

5 Mediebericht
Reunioun tëscht dem Premier an der Maison du Grand-Duc

WEIDER NEWS

Decisioun "vehement" kontestéiert
Monica Semedo wëll op den Europäesche Geriichtshaff goen

Manner Strof
Polen muss "just" nach 500.000 Euro pro Dag un d'EU bezuelen

Ukrain Kontakt Grupp
Ukrain brauch aktuell méi Waffen, wéi de Weste produzéiert

Wéinst Mobbing
Brittesche Vize-Premierminister Dominic Raab zréckgetrueden

Däitschland
Bis 11 Auer soll landeswäit "keen eenzegen Zuch fueren"

LIVETICKER
Ukrain-Krich - déi aktuell Entwécklungen



Première zanter dem Krich
NATO-Generalsekretär Jens Stoltenberg ass iwwerraschend op Kiew

Konflikter am Sudan
Trotz Wafferou weider Kämpf zu Khartum, USA schécke weider Zaldoten

Uewenhi springen

RTL Schreift lech an eis Newsletteren an:
E-Mail-Adress GO

IP DIGITAL
Vous souhaitez faire de la publicité sur RTL.lu ? Prenez contact directement avec notre régie publicitaire IPLuxembourg

News: National, Gemengewalen, International, Panorama, Tech-World, Meenung, Faktencheck
Mobilitéit: News, Trafic, Pëtrolspräisser, Auto-Tester, Autofestival, Autospräisser, Lux-Airport, Radar-Kontrollen, Guidage Parking, Annoncen
Lifestyle: News, Kichen, Gesondheet, Verstoppte Plazen, Reesen, Spenden, Déiererubrik, Acteur de ma santé, Horoskop
Kultur: News, Kino, Musek, Bicher, Sprooch, Kräizwuerträtsel, Esch2022, Agenda
Sport: News, Live Arena, F1, Futtball, Basketball, Handball, Dëschtennis, Volleyball, Cyclissem, Auto-Moto, E-Sport, Weider Sportaarten
Gaming: News, Review, E-Sport
Fotoen: Aktualitéit, Events a Fester, Kultur, Lifestyle, Auto, Télé, Radio, Sport, Pressphoto
Spilleck: Allgemengwëssen, Musek Quiz, Geo Quiz, Kräizwuerträtsel, Sproochespill, Quiz vum Mount, Déiere Quiz, Sport Quiz

Meteo: Radar, Nidderschléi, Quantitéiten, Wandvitessen
Jobs: Jobdag, Moovijob, Lifelong Learning
Immo: Annoncen
Info: Services de garde, Loterie, Letzshop, SMS Servicer
Télé: Live, Replay, Fotoen, Informatiounen
Radio: Lauschteren, Emissiounen, Musek, Fotoen, Team, Podcasts, Informatiounen

Feedback | Conditions d'utilisation | Privacy | Politique en matière de cookies | Gestion des cookies | RTL Charte | Accidentsfotoen | Push Astellungen

CIM internet
© 2023 RTL Luxembourg. All rights reserved.